LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre aux Relations avec le Parlement

Monsieur le Président
de la Chambre des Députés
Luxembourg

Luxembourg, le 05 JAN. 2023

Personne en charge du dossier:
Patrick Carrilho
☎ 247 - 82946

SCL : PET 2485 – 2231 / nb

Objet : Pétition n° 2485 – Depressiounen.

Monsieur le Président,

Comme suite à la demande afférente de la Commission des Pétitions du 26 octobre 2022, j'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la prise de position de Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale à l'égard de la pétition n° 2485 relative à l'objet sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Président, l'assurance de ma haute considération.

Le Ministre aux Relations
avec le Parlement

Marc Hansen

171-000039-20050812-FR

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

# Stellungnam vum Minister fir sozial Sécherheet zur Petitioun n° 2485 – Depressiounen vum Här [redacted]

Wann en Assuré ënnert Depressioune leit, ass et de behandelnden Dokter, deen iwwert d'medezinesch Behandlung decidéiert, mat de Mëttelen déi him am Hibléck op d'Situatioun vum Patient am passendste schéngen.

D'Krankeversécherung iwerhëllt dann déi Behandlunge déi an der Gesetzgebung vun der Krankeversécherung an och den Statuten vun der Gesondheetskeess, virgesi sinn. Dëst bréngt mat sech, dass d'Leeschtungen déi am Code vun der sozialer Sécherheet (CSS) virgesi sinn ënner Berécksiichtegung vum Artikel 23 vum CSS iwwerholl ginn.

Den Artikel 23, Alinea 1 vum CSS gesäit vir : « *Les prestations à charge de l'assurance maladie accordées à la suite des prescriptions et ordonnances médicales doivent correspondre au mieux à l'état de santé des assurés. Les prestations à charge de l'assurance maladie ne peuvent dépasser l'utile et le nécessaire et doivent être faites dans la plus stricte économie compatible avec l'efficacité du traitement et être conformes aux données acquises par la science et à la déontologie médicale.*

Laut dem Artikel 19, Alinea 2 vum CSS « *Ne sont prises en charge par l'assurance maladie que les actes, services et fournitures inscrits dans la nomenclature ou les listes prévues par les lois, règlements, conventions et statuts, et dispensés par des personnes ou des institutions admises à exercer leur art, leur profession ou leur industrie sur le territoire du Grand-Duché de Luxembourg.* ».

Am Kader vun enger Behandlung vun enger Depressioun, gëtt vun der Krankeversécherung zum Beispill Folgendes iwwerholl: d'Consultatiounen beim Dokter, d'Psychotherapien esouwäit se vun Doktere mat Spezialisatioun an der Psychiatrie dispenséiert ginn, de Suivi an engem Dageszentrum, d'Fraise fir psycho-sozio-edukativ Assistenz am Domaine vun der Psychiatrie extrahospitalière, d'Relaxatiounsbehandlunge bei de Psychomotoriker, d'médikamentéis Behandlungen, gegebenenfalls d'Bezuelung vum Krankegeld am Fall vun enger Aarbechtsonfäegkeet, d'Behandlungen am Spidolsmilieu, souwéi och d'Behandlungen a Spidolsariichtungen am Ausland, etc.

Ausserdeem ass ze präziséieren, dass am Prinzip am Laf vum Joer 2023 d'Prise en charge vun der Krankeversécherung betreffend d'Akten an d'Servicer vun de Psychotherapeute virgesinn ass.

Am Fall vun enger Depressioun profitéiert den Assuré also vun enger grousser Prise en charge vun der Krankeversécherung.

**PETITION 2485**

**Intitulé de la pétition:**

Depressiounen

**Texte de la pétition:**

Gudden Moien,

Heimadder schécken ech ierch eng Ufro fier eng einfach Petition domadder ech dat kann errechen oder ierch drop well opmierksam well machen, dass eng Persoun dei un Depressionen oder chronesch Depressionen leidt, op denen zousätlech Käschten net daerf hanken bleiwen, esou wei och an denen Fell wou Leit sans Gluten iwwerholl oder en en deel rembourséiert kréien.

Et ass bewiesen an ech hun mech och schon viel mam Thema befasst das eng Depressioun och vum Darm kann kommen, an esou domadder och en groussen Afloss drop huet wei an mat wat en Mensch sech ernährt.

Mat deser Petitioun well ech dommader errechen das et och esou eng Option bei da CNS geet wou een en deel rembourseiert oder ganz kann iwwerholl kann kréien fier dei Leit wou enner chronesch Depressionen leiden.

Mat fréndlechen Gréiss,

**Dépôt:** le 09.10.2022 à 10:50